N° 7792
Entrée le 17.03.2023
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 17.03.2023

PIRATEN
SENSIBILITĒ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 17/03/2023

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Mobilitéit weiderzeleeden.**

Mir ass zougedroe ginn, dass op der Linn 303, enger grenziwwergräifender Linn tëschent Tréier an dem Kierchbierg, d'Busser an de leschte Woche voll besat sinn. Grad zu de Spëtzenzäiten, wou vill Grenzgänger eriwwer op Lëtzebuerg kommen, géifen et knapps nach Stéi-Platzen am Bus ginn.

Um Fuerplang gesäit een, dass tëschent 5h55 an 8h55 eng 13 Busser de Wee op Lëtzebuerg fueren, woubäi och Doppeldeckerbusser ënnerwee sinn. Wann esou ee Bus an der Moyenne 70 Sëtzplazen huet, bedeit dat, dass an deenen 3 Stonne ronn 910 Persounen op Lëtzebuerg transportéiert ginn.

Obwuel et erfreelech ass, dass sou vill Leit de Bus notzen, muss een dach bedenken, dass dës Buslinn zu engem Deel iwwert d'Autobunn fiert.

D'Tatsaach, dass Passagéier am Bus musse stoen, ass punkto Verkéierssécherheet bedenklech. Wann de Bus eng Kéier eng Vollbremsung op der Autobunn muss maachen, kéint dat fir d'Passagéier, déi keng Sëtzplaz hunn, schlecht ausgoen.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Wéi vill Passagéier huelen d'Linn 303 am Schnëtt wärend de Spëtzenzäiten?
2. Wëssen de Minister a seng Servicer doriwwer Bescheed, dass op dëser Buslinn, trotz 13 Busser, Passagéier keng Sëtzplaz am Bus virfannen?
3. Wäert de Minister den Takt vun dëser Buslinn, ugesiichts vun der héijer Demande, erhéijen? Falls jo, wéi vill Busser solle bäikommen a wéini kéint dëst fréistens geschéien?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten